N°191
Entrée le 17.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

De Méindeg 15te Januar huet d'Police ugefaangen an der Stad dat an der Seance vum 14ten Dezember an der Chamber diskutéierten Heescheverbuet ëmzesetzen an éischt Persounen ze protokolléieren. An der Presse war dann an dësem Kontext ze liesen, dass generell solle Polizist:innen aus aner Regiounen temporär ofgezu ginn an d'Equipe an der Stad ënnerstëtzen. Mir stellen eis hei konkret Froe wat dës Entscheedung ugeet a wëllen eventuell Mëssstänn verhënneren. Aus dësem Grond hu mir dem Här Minister konkret Froen heizou an der Froestonn vum 16te Januar gestallt. Den Här Minister wollt heizou keng Stellung bezéien an huet op déi nächst Kommissiounssëtzung verwisen. Dës ass op Grond vun der allgemenger Alerte rouge den 17te Januar annuléiert ginn. An deem Zesummenhang stelle mir dës an eisen Aen urgent Froen elo iwwert dëse Wee. An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Aus wat fir Servicer sinn dës genannte Polizisten aus anere Gemengen ofgezu ginn?
- Aus wat fir Gemenge goufen d'Beamt:innen ofgezunn a wat waren heifir d'Krittären?
- Wat fir een Impakt huet dës nei Verdeelung vu Beamt:innen op d'Sécherheetssituatioun an de betraffene Gemengen an allgemeng op de Personalschlëssel?
- Den Här Minister huet dës Decisioune laut sengen eegenen Aussoen an der Froestonn ënnert anerem zesumme mat der Stad Lëtzebuerg geholl. Sinn och déi Betraffen aus den aner Gemengen an d'Gespréicher an d'Entscheedung mat agebonne ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°191
Entrée le 31.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 191 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Renforcement des effectifs de police assignées à la commune de Luxembourg"**

Ech hunn zesumme mat engem Vertrieder vun der Police an der Chamberkommissioun vum 23. Januar den Deputéierten all d'Informatiounen iwwert dee geplangten Dispositif vun der Police ginn. Well dës Informatioune strategesch an operationell Elementer beinhalten, déi confidentiel musse bleiwen, huet d'Chamberkommissioun fir dee Volet am huis clos siégéiert, an ech bezéie mech op meng Aussoen an der Kommissioun fir op d'Froen ze äntweren.

Et ginn keng Polizisten aus Gemengen ofgezunn, mee vun Kommissariater. Och net permanent, mee à tour de rôle. Dat huet keen Impakt op d'Sécherheetssituatioun an de Gemengen.

Lëtzebuerg, den 31.01.2024.
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden